



Assemblée générale ordinaire du 06 mars 2019

Rapport d'Activité du Secrétaire général Daniel Nestler

Merci Steve,
Dir Damen an Dir Hären,
Leif Kolleginnen a Kollegen,

Et ass mer wierklech eng grouss Eier dass ech iech als neien Generalsekretär vun der AGC den rapport d'activité vun 2018 d'äerf virstellen. Ech hu mech bëssen erkaalt an hoffen dass ech deem rapport hei elo ouni gréisser Houscht Attack iwwer d 'Bühn kréien.

Hei dann een klengen Iwwerbléck iwwer dat wat de Comité zënter der leschter Generalversammlung den **8.03.2018** Opweises huet.

Wéi der gesitt ass och d'AGC e bëssen méi modern ginn. Eis nei Équipe hellt sech den neien Technologien un, an huet och lo eng Presentatioun am PowerPoint.

En rengen Zuelen ausgedréckt gesäit dat sech d 'Joer 2018 dann esou un:

- **5 réunions du Bureau Exécutif**
- **7 réunions du Comité Exécutif**
- **1 réunion pour la passation des pouvoirs**
- **1 entrevue LSAP**
- **1 entrevue CSV**
- **1 BCEE Manifestation**
- **1 rédaction Inforum**
- **1 vérification de caisse avec les réviseurs**
- **CGFP : 4 comités fédéral, 2 comités exécutifs, conférence des comités, etc**
- **1 Dîner des anciens**

Dat gesäit vläicht op den éischten Bléck net onbedengt no ganz vill aus, ech kann iech awer versécheren dass deem net esou ass. Déi Réuniounen mussen jo préparéiert ginn, an et muss een sech an déi heiansdo ganz komplex Matière eraschaffen. An och den Inforum hellt just eng Zeil, ech kann iech awer

versécheren dass eisen Aarbechtsgrupp Inforum sech net gelangweilt huet an eng super Aarbecht geleescht huet.

Op d'Entrevuë mat den politeschen Parteien ginn ech méi spéit a menger Ried nach méi an den Detail an.

- **Neien Comité & neien Bureau exécutif.**

Als alleréischt wollt ech dovun profitéieren vir eng kéier deen neien Comité virzestellen.

Wéi den Steve schonn virdrun gesot huet, hunn mer ganz vill nei Memberen, an vläit ass et heibannen net vir all Mënsch ganz kloer wien elo do dran ass.

(→ PowerPoint Comité)

Ech sinn dat, an alphabetescher Reien Folg:

- | | | |
|-------------|-----------|--------------------------------------|
| • Isabelle | BONADIMAN | Caisse nationale d'assurance pension |
| • Gérard | BUCARI | Gouvernement |
| • Georges | DENNEWALD | BCEE |
| • Maryse | FELGEN | Contributions directes |
| • Marc | KAYL | Justice |
| • Steve | KEIPES | Douanes |
| • Romain | KREMER | Pensionnés |
| • Marc | LAFLEUR | CNS |
| • Charles | LENTZ | Gouvernement |
| • Lynn | LUCIANI | Douanes |
| • Daniel | NESTLER | POST |
| • Henri | NIMAX | Douanes |
| • Stéphanie | PAULY | FNS |
| • Pascal | RECKEN | Enregistrement et Domaines |
| • René | STROTZ | Contributions directes |
| • Irène | THILL | Enregistrement et Domaines |
| • Romain | WOLFF | Enregistrement et Domaines |
| • Laurent | ZIMMER | Justice |
| • Martine | KINTZIGER | POST |

Dat sinn 19 Leit. Dat heescht et stinn nach 2 Posten am Comité op, wat immens schuet ass. Dofir hei mäin Opruff, wann der interesséiert sidd un gewerkschaftlecher Aarbecht, mellt iech bei eis.

Dësen neien Comité vun der AGC huet dofir dann och an senger éischer Reunioun, den 28.03.2018 een neien Bureau Exécutif gewielt. Obschonn nëmmen 1 Kandidat pro Posten do war, ass gewielt ginn, genau sou wei eis Statuten dat virgesinn.

An d'Resultat vun dësen Walen wéisst schonn drop hin dass dëst eng gutt Équipe wäert ginn. Keen eenzegen vun den Kandidaten krut eng Géigestëmm, all d'Leit am BEX sinn also komplett vun **all** Member vum Comité confirméiert ginn.

Den neien BEX, dat sinn déi 7 Leit déi hei um Dësch setzen, gesäit also sou aus:

Président:	Steve	KEIPES	Douanes
Secrétaire général:	Daniel	NESTLER	POST
Trésorier:	Pascal	RECKEN	Enregistrement
Vice-Présidente:	Irène	THILL	Enregistrement
Vice-Président:	Marc	KAYL	Justice
Secrétaire gén. adj:	Romain	KREMER	Pensionnés
Trésorière adj.:	Lynn	LUCIANI	Douanes

Dass dëst eng gutt Équipe ass huet sech déi Wochen an Méint drop confirméiert. Mir schaffen gutt zesummen, diskutéieren vill an sachlech an mir hunn wierklech net laang gebraucht bis mer eis fonnt hunn.

En speziellen Merci geet hei un den Romain Kremer. Mir sinn immens frou dass hien net opgehal huet zesummen mat deenen aneren. Hien hëlleft eis immens vill an all Reunioun, well, **egal em wéi** een Sujet et geet: den Romain kennt den historique et hien klärt eis op! Merci Romain !

Den Steve huet jo schonn gesot dass dëst en Iwwergangsjoeer war. Et war een Iwwergangsjoeer well mer eisen Comité an eisen Bex ersat hunn, mee et war awer och een Iwwergangsjoeer well mer am Oktober Chamberwalen haten. Normalerweis kritt een esou een Joer net esou vill duerchgesat, mee dat war des Kéier awer alles anescht.

- **Avenant accord salarial**

Wei den Steve schonn an senger Ried ervirgestrach hat huet den 15 Juni 2018 d'CGFP een Avenant vum Accord Salarial presentéiert.

Mir waren zwar informéiert dass Gespréicher lafen tëschent der CGFP an der Regierung, mee dat séiert, an virun allem och nach gutt Resultat huet awer dunn trotzdem jiddereen vun eis iwwerrascht. Et war och gewosst, no Gespréicher mat den verschidden politeschen Parteien, dass een sech vun der gréisster politescher

Oppositionspartei näischt konnt erwaarden. Déi waren just der Meenung dass mer souwisou schonn zevill hunn, ganz nom Motto "wat wëllt dir dann elo nach".

(→ PowerPoint Avenant)

Dofir sinn mer duebel frou dass dësen Avenant nach virun den Walen ënnerschriwwen gouf. Och wann schlussendlech bei den Walen souwisou anescht kouw wei een gemengt hat.

Dësen Avenant besteet aus 4 Haaptpunkten:

- 1) Eng Reduktioun vum Stage op am Prinzip 2 Joer. An d 'Méiglechkeet den Stage op just 1 Joer ze reduzéieren.
- 2) Ofschaffen vun der 80/80/90 Regelung op den 01 Januar 2019. Ech mengen mir müssen kengem heibannen déi Regelung nach eng kéier erklären.
- 3) D 'Eropsetzen vum Iessensgeld em 60 € op elo 204€
- 4) Sektorell Négociatiounen

Et ass een Accord vun der **Solidaritéit**, haaptsächlech vir déi jonk. Dat muss een hei eng kéier ganz kloer soen. Mee trotzdem, loosst iech net tauschen: déi 60€ Iessensgeld maachen am Gesamt coût quasi genau esouvill aus wei eng kleng Punktwärterheijung! Well den Minister Kersch nun emol een iwweezechten Sozialist ass, huet hien et léiwier wann jiddereen deeselwechten Montant bäikritt, an dofir ass dann och wahrscheinlech dësen Modell bäibehal ginn.

Trotzdem wäert d'AGC sech dofir asetzen dass et bei engem nächstem Accord salarial erëm eng Punktwärterheijung gëtt, och am Intérêt vun den Pensionéierten, déi des Kéier jo dann effektiv eidel aus gang sinn.

Den Leschten Punkt ass wichteg vir d'AGC, mir hunn schonn een Rendezvous mam Minister, an mir wäerten him all eis Sektorell Revendicatiounen ginn. Zu den Haaptfuerderungen wäerten d'baibehaalen vum Changement de Carrière an den A1 souwéi och d'baibehaalen vun der sougenannter "voie rapide" an den A2 gehéieren.

Den neien Minister huet och schonn gutt geschafft. D 'Erhéijung vum Iessensgeld gouf den 12. Februar vun der Chamber gestëmmt, et dierft also net méi laang daueren bis et ausbezuelt gëtt, natierlech retroaktiv op den 1. Januar. Déi aner Punkten sinn an engem projet de loi den 4. Mäerz an der Chamber déposéiert ginn.

Ech mengen mir mussen hei der CGFP eng gutt Aarbecht attestéieren, an dofir profitéieren ech hei dovun vir eng kéier Merci te soen: Merci CGFP, Merci Romain Wolff an seng ganz Équipe.

• **INFORUM & Entrevüë mat den Parteien**

Am Virfeld vun den Walen wollten mer een Inforum erausginn vir eis Memberen iwwer déi verschidden Politesch Vue `en vun den verschiddenen Parteien ze informéieren. Dëst ass den Haaptsujet vun eisem Inforum. Well jo wéinst deenen Problemer déi den Steve schonn ugeschwat huet, den Inforum net als Pabeier Versioun verschéckt ginn ass, wollten mir d`Äntwerten vun den Parteien awer nach eng kéier ganz am Detail noreeschen.

Dofir hunn mer een Bréif un all Partei geschéckt déi zu deem Zäitpunkt an der Chamber vertraueden war. Am deem Bréif hunn mer all Partei 9 Froen gestallt:

Est-ce que votre parti s`engage, s`il fait partie du nouveau Gouvernement après les élections du mois d`octobre :

Question 1:

- à veiller à ce que les attributions et missions qui étaient traditionnellement confiées aux fonctionnaires du groupe de traitement B1, ne soient pas transférées ni à des employés de l`Etat, ni à des fonctionnaires relevant d`un autre groupe de traitement ?

Question 2:

- de façon générale, à limiter le recrutement d`employés aux seuls cas, où il est impossible de pourvoir à un besoin spécifique moyennant le recrutement d`un fonctionnaire ou d`un fonctionnaire-stagiaire?

Question 3:

- à respecter et à faire respecter dans toutes les administrations et dans tous les services les dispositions de l`article 36 de la loi fixant le statut général des fonctionnaires de l`Etat, qui prescrit la consultation obligatoire de la représentation du personnel pour toutes les questions de régime de service et d`organisation des services?

Question 4:

- à reconsidérer la formation professionnelle spécifique dans le cadre d`une vraie école d`administration

Question 5:

- à garantir des modalités de recrutement objectives et transparentes, et à fournir à l`Association Générale des Cadres les informations y relatives chaque fois qu`elle le demande, pour des questions générales ou spécifiques?

Question 6:

- à veiller à une formation continue adéquate, correspondant aux besoins des administrations et services et à consulter à ce sujet l`Association Générale des Cadres ainsi que les représentations du personnel ?

Question 7 :

- à faire en sorte que tous les établissements publics de l'Etat appliquent la législation relative aux traitements par analogie à la pratique des administrations et services de l'Etat?

Question 8 :

- à considérer comme permanent la disposition prévoyant que pour les fonctionnaires de l'Etat du groupe de traitement B1 il faut entendre par groupe de traitement immédiatement supérieur au leur, le groupe de traitement A1? (Art. 2.(5) et art. 16 de la loi du 25 mars 2015 fixant les conditions et modalités de l'accès du fonctionnaire à un groupe de traitement supérieur au sien).

Question 9:

- à abolir le caractère transitoire et à transformer le mécanisme temporaire de changement de groupe en mécanisme complémentaire de changement de groupe garantissant ainsi une transition fluide et permanente entre les groupes de traitement B1 et A2 ? (Art. 54 de la loi sur les traitements)

Mir haten ganz séier eng Reunioun mat der LSAP, nämlech den 20. Juni. An dëser Réunioun hu mer gutt mateneen geschwat an si hu eis schrëftlech Äntwerten versprach. Leider kruten mer bis haut näischt, obschonn mer e puer Rappelen geschéckt haten. Dowéinst kennen mer zu der Positiounen vun der LSAP hei net vill soen, an et steet och näischt am Inforum.

Wat d 'CSV ugeet, do haten mer eng Reunioun den 14. September. Mir hunn do een offiziellen Procès Verbal deen och vun hinnen approuvéiert ass, do kennen mer also och verschidden Äntwerten, mee och do hu mer keng richteg schrëftlech Äntwert kritt.

Korrekt geäntwert hunn Déi Gréng, d 'DP an Déi Lénk. Guer net geäntwert huet den ADR.

Déi Äntwerten déi hei am PowerPoint stinn sinn heiansdo gekierzt an heiansdo interpretéiert. Wann do zum Beispill steet "Pas de position claire" dann heescht dat wahrscheinlech dass se nëmmen wischi waschi geschriwwen hunn. Wann der déi komplett Äntwerten wëllt selwer kucken, se stinn kloer an ongefiltert an eisen Inforum, deen der zu all Moment op eisem Internet Site www.agc.lu kennt downloaden.

➔ Am PowerPoint stinn déi verschidden Äntwerten op di verschidden Froen.

Et ass also nach näischt gewonnen virun der nächster Reunioun mam Minister vun der Fonction Publique, déi den 22. Mäerz wäert stattfannen.

Zum Schluss lo nach eng kéier den Appel un jiddereen heibannen: et feelen eis aktuell 2 Leit am Comité, also mellet iech bei eis wann der interesséiert sidd.

Sou wei et ausgesäit wäerten bei der AGC 2 Haaptthemen déi nächsten Méint dominéieren, nämlech d 'Formatioun an den Artikel 36. Den Aarbechtsgrupp deen sech dem Artikel 36 unhélt wäert am Abréll seng Aarbecht ufänken, ech widderhuelen dofir dem Steven säin Appel un jiddereen heibannen, wann der wëllt am deem Aarbechtsgrupp matschaffen, dann sidd der wëllkomm. Eist Zil ass et engersäits dass mer een Artikel 36 kréien deen fonctionnéiert, well dat ass haut ganz kloer net méi dem Fall. Anersäits wëllen mer méi kloer definéiert kréien wat eis Rechter en Pflichten sinn. Wenn een d 'Gesetzter iwwe eng "Délégation des salariés" gesäit, dann kann een als Fonctionnaire schonn e bëssen jalous ginn. Ech well do lo awer nët zevill an den Detail goen well et ass eng komplizéiert Matière. Mir müssen eis deem also rapprochéieren, ouni dass een dësen System 1 zu 1 kéint kopéieren.

Wann der Problemer hutt an ärer Administratioun, zeckt net vir iech béis eis ze mellen. Mir huelen eis dësen Problemer un an wäerten probéieren se ze léisen, alleng oder mat der CGFP zesammen, dat hänkt dann vun der Situatioun of.

Fir d 'Zukunft ass mir also net baang, et ass genuch Aarbecht do, an mir hunn gutt, intelligent an och ganz raisonnabel Leit am Comité am och Am BEX mat deenen mir gutt virukommen. An eppes soen ech iech, well dat gesinn an fillen ech all Dag méi: Déi Équipe hei déi lo grad réischt waarm an dir wäert nach vill vun eis héieren.

Ech soen iech Merci vir d 'Nolauschteren